N°4127
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°4127 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer d'Allocation de vie chère.**

1) *Wéi vill Demandë fir d'Allocation de vie chère goufen dëst an d'lescht Joer beim FNS agereecht?*

Den FNS huet am Joer 2025 en Total vun 31.486 Demanden am Kader vun der Allocation de vie chère an der Prime énergie empfaangen. Fir d'Joer 2026 huet den FNS vum 01.01 bis den 31.05. en Total vun 22.203 Demanden era kritt. Et sief ze betounen, dass d'Leit säit 2025 d'ganz Joer iwwer, vum 1. Januar bis den 31. Dezember eng Demande kënnen erareechen. Donieft besteet och säit deem Zäitpunkt d'Méiglechkeet am Laf vun engem Joer eng zweet Demande ze stellen, falls déi éischt refuséiert gouf.

2) *Wéi vill Demanden goufen, Stand Enn Abrëll 2026, nach net behandelt?*

Bis den 31.05.2026 goufe 4.500 Demande fir den Exercice 2026 beaarbecht. Dëst heescht also dat den FNS nach keen Entscheet eraus ginn huet bei 17.700 Demanden. D'Demandë ginn der Rei no traitéiert esou wéi se erakommen. Dobäi sief awer ënnerstrach, dass den FNS fir 2026 parallel dozou schonn 12.390 Dossieren iwwer den REVIS-Automatismus ausbezuelt huet, deen 2025 agefouert gouf mam Zil souwuel de Non-recours zu dëser wichteger Hëllef ze reduzéieren, ewéi och d'Effizienz wat den Traitement vun den Dossiere betrëfft ze steigeren.

3) *Wéi vill Personal ass fir den Traitement vun dësen Demanden affektéiert?*

De Service „Allocation de vie chère" vum FNS besteet momentan aus 12,45 ETP, donieft rekrutéiert den FNS weider Personal fir de Service ze verstäerken. Gläichzäiteg ass och ze soen, dass mat der Aféierung vum „Complément de vie chère" (CVC), den Attributiounsmechanismus ännere wäert, wat eng däitlech Reduktioun vun der Zäit déi fir den Traitement néideg ass, wäert mat sech brénge n.
Ewéi am Exposé des motifs vum PL 8716 beschriwwen, mussen d'Leit an Zukunft just nach eng Demande erareechen (amplaz ewéi bei der AVC all Joer) a profitéieren vum CVC esou laang wéi si d'Critères d'éligibilité erfëllen.

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn